**INFORMEIERT**
**#3 | 22. Januar 2023**

# Schengen_2040
## Zesummen eng Visioun fir eis Zukunft entwéckelen.

Léif Matbierger-innen,

De Gemengerot vu Schengen huet decidéiert am **Pacte Logement** mat ze maachen. Dat ass eng gutt Saach. An dem Kader kruten d'Bierger elo ee Questionnaire an d'Haus, fir op där Basis Handlungsfelder ze entwéckelen, fir **bezuelbare Wunnraum** ze schafen.

## FELLT DE QUESTIONNAIRE AUS !

De Comité vun « Besser zesummen » kann Iech nëmmen encouragéieren fir mat ze maachen, well :

- et eis immens wichteg ass, dass esou vill wéi méiglech Leit och an Zukunft nach eng bezuelbar Wunneng hunn ;
- d'Gemeng Schengen iwwert dee Wee ganz wäertvoll Informatioune kritt, déi mussen an d'**Visioun Schengen_2040** afléissen, déi mir proposéieren zesummen am nächste Gemengerot mat de Bierger a Betriber auszeschaffen.

## GITT OP D'INFORMATIOUNSVERSAMMLUNG !

Mir kënnen d'Awunner vun der Gemeng Schengen nëmmen encouragéieren fir dee Questionnaire auszefëllen (online – QR code, oder op der Hand mam Formulaire) an och op d'**Informatiounsversammlung** ze goen, déi Donneschdes, den 2. Februar 2023 vun 18 bis 20 Auer an der Gemeng zu Remerschen, 75 Waïstrooss, stattfënnt !

## BESSER ZESUMME FIR BEZUELBARE WUNNRAUM SUERGEN !